piraten.lu

N°4276
Entrée le 19.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Esou wéi RTL.LU den 3te Juni gemellt huet, goufen déi fréier Journaliste Marc Thoma a Sophie Schram am Appellprozess (Arrêt n°278/26 vum 3te Juni 2026) an der sougenannter Affär Lunghi, dem Ex-Direkter vum Mudam, fräigesprach.

Am Geriichtsuerteel gëtt ervirgestrach, dass een sech an der Funktioun vum Ex-Mudam-Direkter ee Verhalen kéint erwaarden vu *"retenue, de maîtrise et de professionnalisme".*

An dësem Kontext hat ech a virege parlamentaresche Froen (n°3127, n°3272, n°3824) d'Iwwerhuele vun den Affekotskäschten duerch de Staat an der Affär Lunghi thematiséiert.

An der Äntwert op meng Fro n°3127 hat de Minister geschriwwen:
*Allgemeng ass et esou, dass e perséinleche Feeler vun engem Agent dozou féiert, dass de Staat vu senger Protektiounspflicht entbonnen ass. An deem Fall mussen d'Affekotekäschten zeréckbezuelt ginn.*

Et stellt sech elo d'Fro, no dësen Urteeler an der erwisener Onschold vun den Ugekloten, ob d'Regierung dës Steiergelder vum Ex-Mudam-direkter wäert zeréckfroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert de Staat d'Affekotskäschten, déi se dem fréiere Generaldirekter vum MUDAM am Kader vun dëser Geriichtsaffär virgestreckt huet, zeréckfroen? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés